Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?


# Léisungen

## Kapitel 5

# Léisungen **Kapitel 5**

## *Am Supermarché* Säit 69

*1. Lauschtert an nummeréiert d'Zeenen.* **106-109**



# Léisungen **Kapitel 5**

# *Mir gi Kommissioune maachen*

## Säit 70

*1. Kuckt d'Produkter vum Supermarché. Wéi vill kaschten d'Saachen an der Reklamm? Lauschtert an notéiert de Präis.* *111*

| | | | |
|---|---|---|---|
| Jughurt | **1,12 €** | Räis | **2,35 €** |
| Mëllech | **0,99 €** | Nuddelen | **0,74 €** |
| Eeër | **2,49 €** | | |

*3. Wat passt? Notéiert Produkter.*

*Zum Beispill:*

| | | |
|---|---|---|
| eng Béchs | e Glas | en Tüb |
| Ananas | Gebeess | Mayonnaise |
| Cola | Hunneg | Ketchup |
| Thon | Aprikosen | Zännseef |
| en Däppchen | eng Fläsch | e Pak |
| Jughurt | Waasser | Nuddelen |
| Ram | Wäin | Räis |
| Kachkéis | Ueleg | Kichelcher |

# *Mir gi Kommissioune maachen*

## Säit 71

| Kréien d'Kanner ... ? | | Jo | Nee |
|---|---|---|---|
| eng Glace |  | ☐ | ☒ |
| Kamellen |  | ☒ | ☐ |
| Schockela |  | ☒ | ☐ |
| eng Lutsch |  | ☐ | ☒ |
| eng Mickymaus |  | ☒ | ☐ |
| e Petzi |  | ☐ | ☒ |
| Knätsch |  | ☐ | ☒ |
| e Loftballon |  | ☒ | ☐ |

# Léisungen **Kapitel 5**

## *Um Maart* Säit 72

*3. Wat seet de Verkeefer a wat seet de Client? Sicht d'Expressiounen am Dialog a féllt den Tablo fäerdeg aus.*

<u>de Verkeefer</u>

U wiem ass et?

Wat kritt Dir?

Soss nach eppes?

Wéi vill?

Et deet mir leed, ech hu keng … (méi).

Ass dat alles?

Dat mécht .... Euro.

Bezuelt Dir boer oder mat der Kaart?

Hei sinn ... Euro zeréck.

<u>de Client</u>

U mir!

Ech hätt gär .... , wann ech gelift.

Gitt mir …

Ech kréien …

Ech huelen …

Dat ass alles.

Wéi vill kaschten … ?

Hei sinn … Euro.

## *Um Maart* Säit 73

*4. Liest a lauschtert de Vocabulaire. Notéiert de Pluriel vun de Wierder.* ***114***

Eng Banann – Banannen
eng Quetsch – Quetschen
eng Orange – Orangen
eng Bier – Bieren
eng Kiischt – Kiischten
eng Muert – Muerten
eng Gromper – Gromperen

eng Boun – Bounen
eng Spargel – Spargelen
eng Ënn – Ënnen
eng Zalot – Zaloten
en Äerdbier – Äerdbier
en Apel – Äppel
eng Noss – Nëss

# Léisungen **Kapitel 5**

## *Um Maart* Säit 72

### *5. Wéi vill kafen d'Leit? Lauschtert a kombinéiert.* 115-119

1. Orangen: ee Kilo
2. Quetschen: en hallwe Kilo
3. Kiischten: ee Pond
4. Gromperen: annerhallwe Kilo
5. Äerdbier: en halleft Pond

### *6. Lauschtert nach eng Kéier. Wéi sinn d'Saachen? Ënnersträicht.* 120

| | | |
|---|---|---|
| 1. D'Orangë sinn: | **säfteg** | dréchen |
| 2. D'Quetsche sinn: | **zeideg** | gréng |
| 3. D'Kiischte sinn: | séiss | **sauer** |
| 4. D'Grompere sinn: | **nei** | al |
| 5. D'Äerdbier sinn: | bëlleg | **deier** |

## *Beim Bäcker* Säit 74

### *1. Lauschtert den Dialog. Ass dat richteg (R) oder falsch (F)? Kräizt un.* 121

| | R | F |
|---|---|---|
| 1. D'Madame keeft sechs Bréidercher. | X | |
| 2. Si hätt gär sechs Mëtschen. | X | |
| 3. Si keeft eng Schockelasrull. | | X |
| 4. Si keeft Mëtschen, Brout, e Kuch an eng Taart. | | X |
| 5. Si bezilt boer. | | X |

# Léisungen **Kapitel 5**

## *Beim Bäcker* Säit 74

*2. Liest a féllt den Dialog fäerdeg aus.*

*Zum Beispill:*

- U wiem ass et, wann ech glift?
- **U mir!**
- Wat kritt Dir?
- **Zwou Schnecken an zwee Croissanten.**
- Soss nach eppes?
- **Jo, eng Baguette a fënnef Bréidercher.**
- Ass dat alles ?
- **Nee, ech huelen och nach e Marmerkuch.**
- Dat mécht 16,65 €. Bezuelt Dir boer oder mat der Kaart?
- **Boer. Hei sinn 20 Euro.**
- Braucht Dir eng Tut?
- **Nee merci, et geet esou.**
- Voilà! Merci! Äddi an nach e schéinen Dag!
- **Merci gläichfalls!**

## *Wat iesst Dir gär?* Säit 75

*1. Wat iessen d'Leit? Liest d'Texter an ënnersträicht.*

Ech kachen net gär an ech hunn och net vill Zäit. Ech schaffen de ganzen Dag an ech hu just eng Stonn Mëttespaus. Normalerweis iessen ech just e Bréitchen. Heiansdo ginn ech mat den Aarbechtskolleegen an d'Kantin. Owes bestellen ech Pizza oder Sushi. Ech ginn och dacks an de Restaurant.

Ech sinn elo Student a wunnen net méi doheem. De Problem ass: Ech kann net kachen!

Am Supermarché kafen ech just preparéiert Plate fir an d'Mikrowell. Dat geet séier an ass net komplizéiert. Ech iessen och vill Fast Food. Mäi Liblingsiessen ass Hamburger mat Fritten, Ketchup a Mayonnaise. Dat ass net immens gesond, mä et schmaacht awer gutt.

Ech kachen immens gär an ech fannen et wichteg, gesond z'iessen. Bei eis gëtt et all Dag op d'mannst zwou Zorte Geméis, eng Zort réi an eng gekacht. Mir iessen eemol d'Woch Fleesch a freides gëtt et Fësch. Meng Kanner a mäi Mann sinn extra frou mat mengen Desserten.

Ech iesse moies gär Jughurt an Uebst oder eng Schmier mat Gebeess. Mëttes kachen ech Nuddelen, Räis oder Grompere mat Geméis. Ech si Vegetarier, ech iesse kee Fleesch a kee Fësch. Owes iessen ech eppes Liichtes, zum Beispill eng Zalot oder eng Zopp.

# Léisungen Kapitel 5

## E perfekt Iessen Säit 76

*1. Lauschtert a schreift d'Akafslëscht fäerdeg.* 123

2 Melounen
Saumon fir 5 Persounen
**Spinat**
**Gromperen**
Äerdbier
**Banannen**
1 Ananas
**Waasser**
**Jus**
15 Tranchen Ham

*2. Wéi ass de Programm vun der Madamm?*
*Lauschtert an notéiert d'Reiefolleg vun 1-8.* 124

1 Si geet an de Supermarché.
2 Si geet bei de Metzler.
3 Si staubsaugt.
4 Si geet bei de Coiffer.
5 Si geet an de Blummebuttek.
6 Si kacht.
7 Si deckt den Dësch.
8 Si mécht sech schick.

## E perfekt Iessen Säit 77

*4. Ass d'Bewäertung vun de Gäscht positiv (+) oder negativ (-)? Lauschtert an notéiert.* 125-128

| | Entrée | Haaptplat | Dessert | Punkten |
|---|---|---|---|---|
| 1. Valérie | – | + | – | 6 |
| 2. Laurent | + | + | +/– | 9 |
| 3. Tessy | + | + | – | 8 |
| 4. Christophe | – | – | – | 4 |

# Léisungen **Kapitel 5**

## *Aussprooch: s - z* Säit 77

*2. Wat héiert Dir? **s** oder **z** ? Lauschtert a kräizt un.* 130

| | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| s | | X | X | | X | X | | |
| z | X | | | X | | | X | X |

## *Am Restaurant* Säit 78

*1. Liest a lauschtert d'Gespréich. Wat bestelle si?*
*Schreift d'Gespréich fäerdeg.* 131

*Zum Beispill:*

- Jo, ech huelen d'Scampien als Entrée an dann d'Paschtéit.
- Mat Fritten oder mat Räis?
- Mat Fritten, wannechgelift.
- An ech hätt gär de Saumon.
- Huelt Dir och eng Entrée, Madame?
- Jo. Wat ass d'Zopp vum Dag?
- Haut hu mir Tomatenzopp.
- A gutt, Tomatenzopp iessen ech ganz gär.
- Also, eemol d'Scampien an eemol d'Tomatenzopp als Entrée.
  An dann d'Paschtéit mat Fritten an de Saumon als Haaptplat.

# Léisungen **Kapitel 5**

## *Land a Leit*

### *Lëtzebuerger Spezialitéiten* **Säit 80**

*1. Wat brauch een, fir Bouneschlupp ze kachen? Lauschtert a schreift op.* 132

Fir 4 Persoune braucht Dir:

- 500 Gramm gréng Bounen
- 1 déck **Muert**
- 1 Porrett
- 1 **Ënn**
- 3-4 déck Gromperen
- 3-4 Mettwurschten
- Salz
- Peffer
- 50 cl **Mëllech**
- 25 cl Ram
- 2 Liter **Waasser**
- eng déck Noss Botter

*3. Wéi mécht ee Gromperekichelcher? Kuckt d'Fotoen, liest d'Texter an nummeréiert d'Etappen.*



1 D'Grompere schielen a graff rappen.



2 Mam Miel an den Eeër en Deeg preparéieren. Mat Salz, Peffer, Muskat an de Kraider ofschmaachen.



3 Den Deeg mat de gerappte Grompere mëschen.



4 Ueleg an d'Pan maachen.



5 Pro Gromperekichelchen e Läffel vum Deeg an der Pan plattdrécken.



6 D'Kichelcher e puer Minutten op den zwou Säite broden, bis se goldeg brong sinn.